Wat muss ech maachen?

1. Lauschter d'Dictée (Audio 1) a(n) schreif dat wat s du héiers op!

2. Lauschter den Dialog (Audio 2) e puer mol an äntwer op d'Froen.

   Wichteg: Lies den Dialog **net** virdrun!

3. Lauschter a lies den Dialog (Säit 3 & 4).

   Tipp:Lies den Dialog & de Vocabulaire haart vir!

4. Lauschter a lies de Vocabulaire (Audio 3)

   Tipp:Schreif Sätz mam Vocabulaire, dee fir dech wichteg ass!

5. Schreif en Text oder en Dialog! (Säit 5)

6. Maach den Exercice! (Säit 6)

Tipp:Kuck d'Wierder déi s du net kenns am Dictionnaire no: **www.lod.lu**

Dictée

Du héiers en Extrait vum Text/Dialog vun der Lektioun. Lauschter a schreif op!

Lauschter esou oft bis du alles verstan hues! Kontrolléier duerno mamText/Dialog!

_____

_____

_____

_____

© Luxembourgish with Anne. All Rights Reserved.

Froen: E Kaffi drénke goen

Lauschter den Audio an äntwer op folgend Froen:

1. D'Sally wëllt .....

- e Stéck Kuch
- kee Stéck Kuch
- e Muffin

2. D'Sally an den Tom drénken hire Kaffi um Comptoir.

- richteg
- falsch

3. D'Sally mengt, datt ...

- et an der Stad ze vill Espressosbare gëtt
- et an der Stad net genuch Espressosbare gëtt
- vill Leit an der Stad an d'Espressosbare ginn

4. Den Tom fënnt, datt ...

- e Kaffi an der Stad deier ass
- e Kaffi an der Stad bëlleg ass
- een de Kaffi an der Stad sollt geschenkt kréien

5. Den Tom ësst gewéinlech e Kaffiskichelche mat sengem Kaffi

- richteg
- falsch
- net am Text

© Luxembourgish with Anne. All Right Reserved.

Dialog: E Kaffi drénke goen

D’Sally an den Tom hunn elo Mëttespaus a si treffe sech an enger Espressosbar. Si hu Rendez-Vous beim Knopes an der Stad. **Si stinn an der Schlaang** beim Comptoir fir e Kaffi ze bestellen.

VOCABULAIRE

si stinn an der Schlaang = to queue / faire la queue

fir matzehuelen = to take away / pour prendre avec

léiwer net = rather not / plutôt pas

So = Imperativ vu soen *(engl: tell me, fr: dis)*

den Ënnerscheed = d'Differenz

tëschent ... an = between ... and / entre .... et

“Ech hätt gär e grousse Kaffi mat separat waarm Mëllech, w.e.g,” seet den Tom.

“An e Capuccino fir mech”, seet d’Sally.

“Mat Mëllech oder mat Schlagsahn?”, freet de Barista.

“En Italieneschen, also ech menge mat Mëllech,” äntwert d’Sally.

“Ass et **fir matzehuelen** oder drénkt dir äre Kaffi hei?”, freet de Barista.

“Fir hei ze drénken,” seet den Tom.

“E Stéck Kuch oder e Muffin dobäi?, freet de Barista. An et ass natierlech alles hausgemaach!”

“**Léiwer net!**” schmunzelt d’Sally.

“**So**, weess du wat e Macchiato ass?” freet d’Sally den Tom wéi si sech un en Dësch gesat hunn. “Ech hu mech schonn oft gefrot, wat **den Ënnerscheed tëschent engem Cappuccino an engem Macchiato** ass!”

“Ech mengen, 't ass wéi e Cappucino, allerdéngs méi kleng a mat manner Mëllech,” äntwert den Tom.

VOCABULAIRE

Fënns de net och? = don't you think as well? /ne trouves-tu pas aussi?

Dat schéngt gutt ze goen, gell? = it seems to have success, isn't it?/ Ça semble bien marcher, n'est-ce pas?

Dat ka(nn) sinn = dat ass méiglech.

e Kaffi ass net geschenkt = de Kaffi ass **deier**.

Wat s du net sees = you're right, I agree / tu fais bien de le dire.

An ech eréischt! = So do I! / Et moi donc!

Mäi Gott: My God / mon Dieu

Iwwerlee mol: Consider, think about / Imagine, réfléchis

wat s de: always add "s" before de (=du) when you use a conjunction such as **wat, datt, well, ob, wann** etc:
datt s de ..... / well s de ....

"**Fënns de net och**, datt et hei an der Stad vill Espressosbare ginn?", bemierkt d'Sally "a se sinn och ëmmer voll. **Dat schéngt gutt ze goen, gell?**"

"**Dat ka sinn**," seet den Tom. "Ech fannen zwar, datt **e Kaffi hei an der Stad net geschenkt ass**!"
"**Wat s du net sees**!", seet d'Sally haart. Ech wëll net wëssen, wéi vill Suen ech d'Woch ausgi(nn) fir Kaffi!"

"**An ech eréischt!** Ech kafen op d'mannst een den Dag fir matzehuelen," seet den Tom, "dat sinn dann ongeféier 15€ d'Woch. An dat ouni meng Mëtsch, déi ech ëmmer dobäi kafen. **Mäi Gott**, dat sinn da méi wéi 1200€ d'Joer!"

"**Iwwerlee mol wat s de** mat deene Sue maache kéins!", seet d'Sally.
"Gutt, datt ech net nach dobäi fëmmen!", seet den Tom.
"**Dat sees de gutt**!" laacht d'Sally.

Un dir: Schreif a(n) schwätz!

An dëser Lektioun hu mir eis op e Small Talk iwwer Kaffi konzentréiert.

Deng Aufgab:

Schreif en Dialog - e Smalltalk tëscht dir an engem Frënd / enger Frëndin an engem Café, an engem Restaurant, oder doheem mat Frënn beim Iessen.

_____

_____

_____

_____

_____

_____

_____

_____

_____

_____

_____

_____

_____

_____

_____

_____

_____

Exercice

Lies d'Wierder a fëll all Saz mat engem Wuert aus. 4 Wierder sinn ze vill!

mathuelen	**Ënnerscheed**	**Géigendeel**
eréischt	**iessen**	**iwwerleeën**
Mëtsch	**schéngt**	**denken**
allerdéngs	**gëtt**	**Poulet**

1. D'Resultater vum Test ginn _____ nächst Woch publizéiert .
2. Garçon, kann ech de Rescht vun der Pizza _____, w.e.g?
3. Looss mech elo e puer Minutten iwwer dëse Problem _____.
4. Ech iessen moies ëmmer eng _____ mat mengem Kaffi .
5. Ech hunn den _____ tëscht den 2 Béier net geschmaacht.
6. _____ muss ech um 18h00 goen, well ech bei den Dokter goe muss.
7. Et _____ wéi wann et geschwë(nn) reenen géif .
8. Wat _____ et haut z'iessen, Mamma?